PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/03/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

A menger parlamentarescher Fro n°2732 hat ech mech ëm d'Zukunft vun de Busser mat Gaasuntrieb beim Minister informéiert. Bis 2030 soll d'Busflott hei am Land emissiounsfräi ginn. Beim Gemengesyndikat vun de Busser am Süden, dem TICE, funktionéieren aktuell awer nach eng grouss Unzuel vu Busser mat Gasuntrieb. Mat den aktuelle Gaspräisser wäerten d'Dreifstoffkäschte vun den Bus-Linnen beim TICE, mee och bei den RGTR-Linnen, dëst Joer wuel nach ee Stéck méi deier ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Mehrausgabe erginn sech beim TICE zur Zäit duerch d'Erhéijung vun den Dreifstoffpräisser?

2. Wäert den TICE fir dëst Joer méi Budget kréien, fir déi méi héich Dreifstoffkäschte kënnen ze bezuelen?
   Falls jo, wéi wäert een sech d'Käschten tëscht dem Staat an dem Gemengesyndikat opdeelen?

3. Privat Busfirme mussen hier Recetten an der Reegel selwer opdreiwen. Se kënnen net op de Staatsbudget zeréckgräifen, wéi de Staat.
   Ass am Kader vun de Konzessiounsverträg vum RGTR virgesinn, dass de Bäitrag vum Staat un d'Busfirmen a Funktioun vu méi héijen Energiepräisser kann erhéicht ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député